recensio.net

Zitierhinweis

Millim, Anne-Marie: Rezension über: Pascal Seil (ed.), Pir Kremer – ZesummegePIKtes. Fir dem Auteur säin 100. Gebuertsdag – e Réckbléck op Liewen a Wierk, Mersch: Centre national de littérature, 2019, in: Hémecht. Zeitschrift für Luxemburger Geschichte, 2024, 4, S. 500-502, https://recensio-stag.lorax.syslab.com/r/bf765dddc728423c9a516c76d44ccab5

Hémecht
Revue d'Histoire luxembourgeoise
Zeitschrift für Luxemburger Geschichte

copyright

Dieser Beitrag kann vom Nutzer zu eigenen nicht-kommerziellen Zwecken heruntergeladen und/oder ausgedruckt werden. Darüber hinausgehende Nutzungen sind ohne weitere Genehmigung der Rechteinhaber nur im Rahmen der gesetzlichen Schrankenbestimmungen (§§ 44a-63a UrhG) zulässig.

**Pascal Seil (Hg.), Pir Kremer - ZesummegePIKtes - Fir dem Auteur säin 100. Geburtsdag - e Réckbléck op Liewen a Wierk (Katalog mat CD), Lëtzebuerg: Centre national de littérature, 2019; 143 S.; ISBN 978-2-919903-76-4; vergraff.**

Och wann d'Publikatioun vum Pascal Seil sengem Portrait vum Pir Kremer (1919-2000) sengem Liewen a Wierk schonn e puer Joer zréckläit, ass et gerechtfäerdegt, hir e Kommentar an dësem Kontext ze widmen. Et handelt sech hei ëm de Katalog zur Ausstellung, déi de Pascal Seil am Mierscher Kulturhaus ulässlech vum Pir Kremer sengem 100. Geburtsdag vun Dezember 2019 bis Mäerz 2020 koordinéiert huet. Dëst Buch ass entstanen duerch eng Zesummenaarbecht vum Centre national de littérature, dem Centre national de l'audiovisuel, dem Mierscher Kulturhaus an RTL. Se bréngt déi literaturhistoresch a literaturwëssenschaftlech Aarbecht vum Pascal Seil zesumme mat uspriechendem Bild- an Tounmaterial, sou wéi Interviewe mat Zäitzeien, déi de Fränk Grotz fir RTL geféiert huet. D'Buch ass begleet vun enger CD, déi eng variéiert Zesummestellung vun Opname vum Pir Kremer sengem Wierk an enger Selektioun vun Hommagen a Bespriechunge presentéiert, zesummegestallt vum Claude Mangen vum Mierscher Kulturhaus an opbereet vum Philippe Mergen vum CNA. Dem Seil säi Kommentar baséiert op der Opschaffung vum Kremer sengem extensiven Hannerlooss vu Manuskripter, Bicher a perséinlechen Dokumenter, deen d'Famill dem CNL uvertraut huet. En ass gréndlech, afillsam an agreabel ze liesen. Et geléngt dem Seil duerch seng sensibel Duerstellung vum Kremer senge Liewensëmstänn, senger professioneller Trajectoire a sengen diverse kënschtlereschen Interessen a kreativen Aktivitéiten, den Auteur als Mënsch an a senger Mënschlechkeet duerzestellen.

D'Opschaffe vum Kremer senger Biographie an Oeuvre ass vu primärer Relevanz souwuel fir den intresséierte Public, d'Fuerschung an der Kulturgeschicht, wéi och fir déi jonk Generatiounen, déi de Kremer net selwer als Persoun oder als Kulturproduzent konnten erliewen. D'Publikatioun reit sech an a rezent Initiative vum CNL, d'Wierk vun engem eenzelen Auteur a sengem Kontext ze erfaassen, wéi z. B. dem Robert Thill seng Etude iwwert de Frantz Clément vun 2016, meng Editioun *Batty Weber: Werk und Wirkung* vun 2017, oder d'Analysen zum Jean Portante, erausginn 2019 vum Jeanne E. Glesener an Tonia Raus. Well Theater a Radio immens prominent Ausdrocksformen a Medieforen an der Lëtzebuerger Literatur- a Kulturgeschicht duerstellen, huet dem Seil seng Publikatioun Pionéiercharakter a lancéiert hoffentlech eng Rei weider Studien zu dësen Domainer.

Wann de Pir Kremer als ‚Ambassadeur fir d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur' (S. 84) anzestufen ass, da weist de Band ënnert anerem d'Friichte vun dësem Asaz: De Choix vum Pascal Seil a vun deenen anere Contributeuren, fir op Lëtzebuergesch ze schreiwen, beweist, datt dës Sprooch d'Capacitéiten huet, medien-, literatur- a kulturhistoresch Sujete produktiv ze beschwätzen. D'Buch ass visuell attraktiv, iwwersiichtlech strukturéiert an an engem uspriechenden Toun geschriwwen. D'Format ass handlech an d'Längt ass an 1-2 Liesseancen ze bewältegen. D'Buch fänkt u mat engem nëtzlechen ‚biographeschen Iwwerbléck' a Form vun enger Timeline, deen déi wichtegst Evenementer am Liewe vum Kremer an de Publikatiounszäitpunkt vu sengen Haaptwierker veranschaulecht. An engem

éischte Kapitel zur Kandheet an dem Beruffsliewe vum Auteur weist de Seil op dem Kremer seng identitär Verankerung zu Käerch hin an op déi fréi kreativ Inspiratioun an Ënnerstëtzung, déi him do an der Schoul zoukomm sinn, wat dat reegt kulturellt Liewen am klenge Lëtzebuerger Duerf beweist. Spéider Kapitele sinn no de Gattunge Radio, Satir an Dichtung, Forme vun Theater, Publicitéit a Musek a Medien organiséiert. D'Interviewen, déi de Fränk Grotz mat Kolleegen a Familljemembere vum Kremer gefouert huet, kreéieren e liewegt Bild vum Auteur als Mënsch an als Kënschtler. D'Dramaturgin Sarah Rock aus dem Mierscher Kulturhaus proposéiert an engem leschte Kapitel en Iwwerbléck iwwert déi ekonomesch a kulturell Entwécklungen am Lëtzebuerger Land vun de 1950er Joren un. Dëse Bäitrag ass detailléiert a schaarfsënneg, mee leider ass net kloer, wéi e sech an de Band iwwert de Kremer afüügt. Hei hätt eng kuerz Ëmräissung vum Opbau vum Band am Virwuert kënnen hëllefräich sinn, fir dem Lieser Abléck an d'Logik vun der Sequenz ze ginn.

A sengem Ufankssaz seet de Seil: ‚De Pir Kremer, dat ass e Stéck Lëtzebuerg' (S. 7), eng Ausso, déi eng Rei vu produktive Froen opwerft. Wat ass d'Relatioun vun der Konscht an der Natioun? Wat bedeit et, wann eng Persoun als Stéck Natioun beschriwwe gëtt? Bei der Beliichtung vum Kremer senger wäitgefächerter Kontributioun zur Lëtzebuerger Kulturlandschaft an diverse Medie geet et dem Seil virrangeg awer net nëmmen ëm dat ‚Stéck Lëtzebuerg', dat dem Kremer seng Präsenz ausgemaach huet, mee och dorëms ze weisen, datt de Kontext, an deem hie säi Wierk präsentéiert huet, intellektuell sophistiquéiert an technesch ausgeräift genuch war, fir produktiv Zesummenaarbecht, reegelméisseg Publikatiounen a Manifestatiounen a kreativ Innovatiounen ze erméiglechen. Wann de Kremer a ville Sënner als Pionéier ka gëllen, mécht dem Seil seng Recherche och kloer, datt säi Wierk innerhalb vu kënschtlereschen, institutionellen an och kommerziellen Netzwierker entstanen ass. Sou ass zum Beispill dem Kremer seng beléifte geskriptet Gespréichsronn ‚Um Staminet' (1964-2000) bei Radio Lëtzebuerg fir d'éischt vum Lëtzebuerger Wënzerverband, dono vun der Luxembourgeoise an der Prefilux an du vu Vinsmoselle gesponsert ginn. A senger Historiséierung vun dëser ‚radiophoner Institutioun' (S. 36) geléngt et dem Seil, d'Stëmmung an der 4-käppeger Ekipp vum Staminet, den duussen Humor vum Kremer, souwéi de Lëtzebuerger Zäitgeescht erëmzeginn an och fir Lieser, déi selwer keng Lauschterer waren, als kulturelle Patrimoine intressant ze maachen. De Staminet ass och e Beispill vum Kremer senger immenser Ausdauer, senge beandrockende kreative Ressourcen an dem impressionanten Ausmooss vu senge Recherchen zur Aktualitéit. Sou huet hien iwwer 1800 Staminets-Emissioune geschriwwen a mat opgeholl an huet, wéi aus dem Fong ervirgeet, bis zum Enn vu sengem Liewen un dësem Magnum opus geschafft.

Dem Seil säi Portrait stellt de Kremer als eng ‚Frounatur' an e ‚Genossmënsch' duer, dee sech getraut huet, Kritik ze äusseren, dëst awer ‚laachende Monds' gemaach huet. Dem Kremer war dru geleeën, e Message ze kommunikéieren, ouni onnéideg verletzend ze sinn. De Band ass eng wichteg Kontributioun zu multiple Sträng vun der Lëtzebuerger Kulturgeschicht, well de Pir Kremer iwwer Joerzéngten d'Radios-, Theater- a Publicitéitslandschaft matgestalt a gepräägt huet. Säin extensiivt Wierk, dat

Dichtung, Satir, Drama a Sketcher beinhalt, hat hie selwer scho metikulös archivéiert, thematesch geuerdent a fir Neiverwäertung preparéiert. Doduerch datt de Seil dem Kremer seng vill, oft joerzéngtelaang, Kollaboratioune beschreift an illustréiert, léiert de Lieser net nëmmen de Kremer als Satiriker, Verfaasser vu Revuen, Lidder, a Sketcher, Radios- an Tëleesemissioune kennen, mee entwéckelt och e Sënn fir d'Beschafenheet vum Kulturfeld zu Lëtzebuerg, sengen Institutiounen, Acteuren an Entreprisen. Déi integral Verlénkung vu Kultur, Medien an der Ekonomie refletéiert d'Opkomme vun der Professionaliséierung vun de Lëtzebuerger Auteuren.

**Anne-Marie Millim**